

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 19. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

D'Regierung encouragéiert d'Gemengen, fir Sozialwunnengen ze bauen.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill Sozialwunnenge goufen zu Lëtzebuerg am Ganzen zënter 2013 gebaut? Wéi vill dovun goufe vum Staat (Fonds du Logement, SNHBM) oder vun de Gemenge gebaut?
2. Wéi vill Prozent vun de Sozialwunnengen, an déi säit 2016 nei Locataire koumen, goufen - opgeschlësselt no deene jeeweilige Gemengen - u BPIen (bénéficiaires de protection internationale) verginn?
3. Weess de Ministère du Logement, wéi vill Prozent vun de Sozialwunnengen, déi vum Roude Kräiz oder der Caritas geréiert ginn, zënter 2016 u BPIen verlount goufen? Wa jo, kann d'Regierung déi Zuel bekannt ginn?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding  
Deputéierten



Fernand Kartheiser  
Deputéierten